# 2026/27 : COURS À OPTION – CLASSES DE 3$^{E}$

## Titre : **DE KERAMIK ATELIER**

Titulaire(s) du cours : Sarah Sonnetti
Classes : 3$^{es}$
Horaires : jeudi, 7h55 – 9h40
Salle : 1046 (Salle 4)
Nombre maximal d'élèves : 8

### Finalités et objectifs de l'option

An däser Optioun léiers du d'Welt vun der Keramik kennen a fënns eraus, wéi aus engem einfache Stéck Lehm kreativ Objeten entstinn. De Lehm ass e besonnescht Material, dat sech ëmmer nees nei forme léisst a vill Méiglechkeete bitt, fir eegen Iddien ëmzesetzen. Vun den éischte Gréffer am Lehm bis bei fäerdeg gebrannt a glaséiert Wierker kanns du experimentéieren, ausprobéieren a kreativ schaffen. Dobäi entdecks du déi verschidde Facette vun der Keramik a realiséiers mat den Hänn lues a lues eegen Objeten.

### Programme

Am Laf vum Joer léieren d'Schüler déi verschidde Grondtechnike vun der Keramik kennen, wéi zum Beispill Modelléieren, Daumentechnik, Wulstentechnik, Plattentechnik an d'Dekoratioun vun den Aarbechten. Si gesinn och, wéi eng Roll Glasuren a Brennprozesser spillen.

### Méthodologie, déroulement

D'Optioun baséiert virun allem op prakteschem Schaffen. D'Schüler experimentéieren mam Lehm a ginn dobäi individuell begleed. Nieft technesche Grondlage gëtt vill Wäert op Kreativitéit, perséinlech Ausdrocksméiglechkeeten an d'Freed um Gestalte geluecht. Unhand vu klenge Projeten ginn déi ënnerschiddlech Techniken ausprobéiert an ugewannt. Schrëtt fir Schrëtt gewannen d'Schüler u Sécherheet am Ëmgang mam Material a mat der Zäit kréien si ëmmer méi Méiglechkeeten, hir eege Iddien an individuell Kreatiounen ëmzesetzen.

### Public cible

Fir all d'Schüler, déi sech gäre kreativ ausdrécken, nei Technike kenneléieren an eppes mat den Hänn erschafe wëllen. Virkenntnisser gi keng gebraucht, Virwëtz an d'Loscht, eppes Neies auszeprobéieren ginn duer.

## Equipement requis

D’Material gëtt de Schüler am Cours zur Verfügung gestallt.




